

Commission pour le développement durable et à l'énergie
Reunion vum 19 Januar 2021 iwwer Video Konferenz

Present : Jean-Jacques BUTTEL, Philippe CHENNAUX, Pierre ESPEN, Marc FRANK, José FERNANDES, Claude HETTINGER, Jacques HUSS, Carlo KOEPP, Patrick KRÄMER, Ambros PORCSIN,

Entschëllegt: Alex BERTRAND, Joske VOSMAN

Absent: Marc HOFFMANN, Henri NOESEN, André STROTZKA

Bericht: Carlo Koepp

1) Begréissung

Begréissung duerch de President Philippe Chennaux.
Hien huet matgedeelt dat den Henri Noesen, Marc Hoffmann an André Strotzka ophalen. Domat bleiwen 12 aktiv Memberen an der Kommissioun.

2) Couren fir de Gebrauch vu Stoffwendelen

D'initiative Liewensufank proposéiert eng Schulung fir 240€/Cour a maximal 8 Leit. Well mir awer net wëssen op vill Familljen interesséiert sinn, kënnst een éischten Cour organiséiert an Weiderer geplangt ginn wann den Interessi grouss ass.

3) Leader Aarbechtsgrupp

D' Versammlung vum Aarbechtsgrupp fir Verbannen vun den Gemengen Uertschaften wor erëm verluecht ginn op een Termin ufangs Februar.

4) Umwelt Charta

D' Charta déi eis virläit ass vun der Gemeng Käerjeng an ass méi oder wéineger eng Leescht vun Reglementer. Den President stellt d' Fro wéi eis Charta soll ausgesinn an wat dra stoen soll. An der Diskussioun huet sech eraus kristalliséiert dat mir eis Charta méi allgemeng halen sollen.

Mir hunn weiderhin iwwer verschidden Punkte diskutéiert, déi mussen an der Charta abegraff sinn, ënner anerem:

- Verkéier: d' Punkten vun de Käerjenger Charta a enger méi kuerzer Form
- Akaf: Ëmweltfrëndlech Wueren akafen, keen Wechwerfsgeschier, Lokales virzéien
- Drénkwaasser: net onnëtz verschwenden, op Manifestatiounen fräiwëlleg a gratis zur Verfügung stellen, awer aus Hygiënegreñn net aus dem Schlauch (z' iwwerpräiwen)
-

Eng Uspriechperson bei der Gemeng wier wichteg an de Carlo mécht e Layout fir eis Charta.

Nächst Sëtzung den 23 Mäerz 2021 um 19h30 an der Koll oder iwwer Video Konferenz